LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d’parlamentaresch Fro N° 4468 vum 15 Juli 2026 vum Här Deputéierte Sven Clement iwwer déi däitsch Grenzkontrollen an de grenziwwerschreidende Bussen

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwer déi däitsch Grenzkontrollen an de grenziwwerschreidende Bussen.

1. *Verfüügt d'Madamm Ministesch iwwer Informatiounen, déi beleeën, datt déi däitsch Grenzkontrollen zu Verspéidungen, Ausfäll oder anere Stéierunge vum CFL-Express-Busverkéier op der Verbindung Lëtzebuerg–Saarbrécken féieren? Wann jo, wéi grouss ass d'Ausmooss vun dëse Stéierungen (Frequenz, duerchschnëttlech Dauer vun de Verspéidungen, Unzuel vun de betraffene Coursen)?*

D'Grenzkontrolle féieren zu verschiddene Stéierunge vum Verkéiersfloss, besonnesch wärend de Stousszäiten. Déi meescht Verspéidunge ginn net direkt duerch d'Kontroll vum Bus selwer verursaacht, mee duerch déi allgemeng Verkéiersstauen, déi duerch d'Verengung vun de Fuerbunnen op der Grenz an d'Ofbremsung vum Verkéiersfloss entstinn.

Wärend de Stousszäite leien d'Verspéidungen an der Reegel tëscht 10 an 20 Minutten. A rare Fäll kënnen d’Verspéidungen bei verstäerkte Kontrollen oder staarker Verkéiersbelaaschtung op 30 bis 55 Minutten eropgoen.

2. *Ginn d'Busser op dëser Verbindung un der Grenz oder am Grenzgebitt kontrolléiert, a wa jo, féieren dës Kontrollen zu verlängerte Stoppen oder Verrécklunge vun den Horairen?*

D'Busser vun der CFL-Express Linn ginn heiansdo vun der Grenzpolice ugehalen a stéchproufaarteg kontrolléiert.

Wann e Bus direkt kontrolléiert gëtt, féiert dat fir d'Passagéier normalerweis zu enger zousätzlecher Verspéidung vun e puer Minutten. An der Reegel ass et awer de Réckstau virum Kontrollpunkt, deen de gréissten Impakt op d'Anhalen vum Horaire huet.

3. *Hunn d'CFL oder de Ministère d'Horairen oder d'Exploitatioun vun dëser oder anere grenziwwerschreidende Verbindungen un dës Kontrollen upasse missen?*

D’Verwaltung fir ëffentlechen Transport huet wéinst de Grenzkontrollen keng Horaire vu grenziwwerschreidenden RGTR-Linnen a Richtung Däitschland ugepasst.

Bis elo ass den offiziellen Horaire vun der Linn Saarbrécken-Express net grondsätzlech ugepasst ginn, well d'Dauer vun de Verkéiersstauen an de Grenzkontrolle staark vun Dag zu Dag variéiert.

D'Bus-Betribszentral an de Sous-traitant vun der CFL maachen alles, fir eng méiglechst héich Pünktlechkeet ze garantéieren, obwuel d'Verkéierssituatioun dacks schwéier virauszesoen ass.

4. *Huet de Ministère d'wirtschaftlech Auswierkunge vun dëse méigleche Stéierungen op de Beruffsverkéier an op d'Attraktivitéit vum ëffentlechen Transport als Alternativ zum Auto fir déi betraffe Grenzgänger evaluéiert?*

Och wa keng konkret Analyse an dësem Fall gemaach ginn ass, ass sech de Ministère bewosst, dass all Stéierung am Stroosseverkéier wirtschaftlech Auswierkunge kann hunn. Dofir bleift och en Zil an der Mobilitéitspolitik, wei dëst mam PNM 2035 a och am neie PNM 2040 analyséiert gëtt, wei een de modalen Shift am beschten ëmsetzt fir d'Mobilitéit an a ronderëm Lëtzebuerg méi resilient ze maachen.

Fir vill Grenzgängerinnen a Grenzgänger stellt den ëffentlechen Transport, besonnesch den Zuch, eng attraktiv Alternativ duer, well den Eisebunnsverkéier net vun de Grenzkontrollen op der Strooss betraff ass.

5. *Huet d'Madamm Ministesch d'Fro vun den Auswierkungen op de grenziwwerschreidenden ëffentlechen Transport mat hiren zoustännegen däitschen Homologen ugeschwat, oder huet se vir, dat ze maachen, besonnesch am Kader vun der Zesummenaarbecht an der Groussregioun?*

D'Lëtzebuerger Regierung stoung a Kontakt mat der Däitscher Regierung, well esou Grenzkontrollen op béid Säite vun de Grenzen en Impakt op den Alldag vu ville Matbiergerinnen a Matbierger huet – och am Beräich vun der Mobilitéit. Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro 4469 evoquéiert, rappeléiert d'Regierung weider reegelméisseg d'Lëtzebuerger Positioun zu de Grenzkontrollen a setzt sech fir een oppent Schengen an.

Lëtzebuerg, den 19.08.2026

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes